ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 25. Januar 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden:.

Am Frankräich sinn déi lescht Woch sämtlech Produzente vu Wëndelen (fir Puppelcher a fir Leit mat Inkontinenz) an de Wirtschaftsministere bestallt ginn. Dat fir si mat de Resultater vun enger neier Anses-Etüd ze confrontéieren.

Fir eng éischte Kéier, huet déi franséisch Agence nationale de sécurité sanitaire op internationalem Niveau déi gesondheetlech Risiken, déi vu Wëndelen ausginn, analyséiert. Dobäi sinn toxesch Substanze festgestallt ginn, déi iwwert dem normale Grenzwäert leien. Des méi héich Wäerter stinn am Verdacht fir kriibserreegend ze sinn, grad wéi och Allergien ausléisen ze kënnen. Schold dorunner wieren, der Anses no, an der Haaptsaach chemesch Substanze mat deenen d'Wëndele parfuméiert ginn.

D'Agence huet elo en Opruff un d'Produzente gemaach fir op déi betraffe Stoffer ze verzichten. Net alleguerten d'Wëndel-Marken si betraff, den Ament publizéiert déi zoustänneg Agence awer nach keng schwaarz Lëscht. D'Produzente gi elo vun de franséischen Autoritéiten opgefuerdert fir sech z'engagéiere fir am Kader vun der Wëndelproduktioun op gesondheetsschiedlech Substanzen ze verzichten.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Vill vun dëse Wëndele ginn och hei zu Lëtzebuerg verkaf, gëtt et schonn eng éischt Reaktioun op déi nei Anses-Etüd vun den zoustännegen Autoritéiten?

2. Wéi ginn elo d'Resultater vun der Anses-Etüd generell consideréiert, wat fir eng Precautiounsmesurë ginn hei am Land geholl?

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten